

Programm



DO 22. Oktober um **14.30** Auer kréie mir an den Nationalarchiven eng Visite guidée vun der Ausstellung "**Besser Familien**", déi am 19. Jh. d'Eliten an der Politik, der Wirtschaft an der Gesellschaft uitgemaacht haten.

Mellt Iech un beim A.Kieffer (31 67 37) oder beim T.Reuter (31 70 82).

Départ ass bei der Gemeng um Quai 2 mam **Bus 5** um **13h56**.

Maximal 15 Persounen kënnen sech umellen.



SA 24. Oktober um **20.00** Auer gi mir **'Queen Swings'-Show** an der **Philharmonie**

lauschteren, wou d'Musek vun der weltbekannte Grupp 'Queen' ganz nei am Big Band Jazz- a Swing-Stil opgeluegt gëtt. De bekannte lëtzebuerger Sänger Serge Schonkert gëtt vum 'Luxembourg Jazz Orchestra' a vum 'Jazz Choir' begleitet.

De **Präis** ass **40 €** (D'Zuel vun de Plaze si limitéiert !) Wann Dir interesséiert sidd, mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech un, fir gutt Plazen ze kréien: beim D.Wirtz-Hess: 31 66 15 (16.-30.Aug. fort) oder T.Reuter: 31 70 82.

Départ mam **Bus 8** um **19.15** Auer vum Arrêt beim **Waassertuerm** (Belle Etoile) Am Internet kënnt Dir e Virspann lauschteren. Am Google schreiw w.e.g.

Queen Swings Trailer Youtube



SA 31. Oktober ass de **Formationsdag** vum ACFL an der Maison d'Accueil vun Franziskanerinnen um Belair, vun 9h00 bis 12h20. D'Mëttegiessen ass fakultativ. Méi Informatiounen stinn am Marienland.

Wann Dir wëllt deel huelen, mellt Iech w.e.g. an der Zentral un.

Départ ass bei der Gemeng um Quai 1 mam **Bus 6** um **08h27**



SO 08. November organiséiere mir eist traditionellt **Hierschtfest** am Centre Atert vun **11.30** bis **16.00** Auer. Mat dem Erléis ënnerstëtze mir wéi ëmmer 2 Associatiounen. D'Invitatiounen gi kuerz virdrun ausgedeelt.



DË 08. Dezember um **14.30** Auer fënnt d'**Adventsfeier** an der **Résidence du Domaine Schwall** statt.

En Transport gëtt organiséiert fir déi Leit, déi net sou gutt zu Fouss sinn. D'Invitatiounen ginn nach erausgeschéckt.



DË 15. Dezember fënnt d'**Adventsfeier** vum **Dekanat** zu **Nouspelt** an der Kierch.